

WANDROUS

N° 332 Spiirkel / Lenzmount 2011

février / mars



Kënnt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO
Verantwortlech vir den Drock an d'Veschécken: Groupe LBB
E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51
<http://www.lionsbleus.lu>




Lies d'Wandrous da baste ëmmer up to date!!!



Wandrous Publicitéit



Waat brauchst Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroume op dem Joresëmsatz!




www.viking-adventures.de

Souche Meute

Salut Wëllefchen!

Souche Meute



Haut drénken mier d'Mëllech nét mei vun der Wollefs-Mam wei deemols den Romulus an den Rémus. Et get Zeit dass mier gesin wei ons Mellech-Produkter haut hiergestallt ginn. Dofier maachen mier eng Sortie an ginn dei nei Fabrik besichen !!!!!

LUXLAIT-SORTIE !



Rendez-vous :

Den 26.03.11 um 08.50 Auer virun der Lëtzebuerger Gare

Retour :

Den 26.03.11 um 16.50 Auer virun der Lëtzebuerger Gare

Präis :

0€



Souche :

Geff d'Souche bei dengem Chef oof

Waat braucht de :

PICNIC, Bidon Waaser, Biergschong, eng Jacket, dem Wieder ugepasste Kleeder, deng Jumbo-Kaart oder 2 Ticketen à 1,5€



Ech.....
erlaaben mengem Wëllefchen



un der Luxlait-Sortie vum 26. März 2011
deelzehuelen

.....
Ennerschreft

Souche Sixplo

Souche fir de Sixer

fnel 
scouts & guides



**Léiwe
Sixer,**

Hues du Loscht op e flotte
Weekend?

Den **Zirkus**
ass bei de Wëllef vun der FNEL!!!!

Da komm mat op eise Sixplo 2011!

Wou? Zu Iechternach

Weini Vun Samsdes, dem 2. Abrell bis Sonndes den 3. Abrell

RDV? Samsdes, 14h30 um Glacis Zereck? Sonndes um 17h30 um Glacis

Prais? 25 € z'iwwerweisen op de Kont CCP : LU64 1111 2581 2205 0000
vun der Meute LBB an zwar bis de 4. Februar 2011.

Matbrennen? Schloofsaack, Carry- Matt, Schlappen, dem Wieder
ugepasste Kleeder, Wäschaachen, Pijama, eng Gamelle, e gefellte
Bidon an deng gudd Laun.

Umellen! Bis den 29 Januar 2011 bei dengem Meute Chef

Lenks Patt, är Cheffen



Ech Ennerzeechneten erlaaben mengem
Kand..... mat op den Sixplo den 2.-3.04.2011 ze goen.

Datum

Ennerschreft



Hues du Loscht op e flotten Daag?

Den **Zirkus** ass bei de Wëllef vun der FNEL!!!!

Da komm mat op eisen Sixplo 2011!

Wou? Zu Iechternach Weini? Sonndes, den 3. Abrell

RDV? 9h00 um Glacis Zereck? 17h30 um Glacis

Prais? 15 € z'iwwerweisen op de Kont CCP : LU64 1111 2581 2205 0000
(vun der Meute LBB an zwar bis de 4. Februar 2011)

Matbrennen? Dem Wierder ugepassten Kleeder, eng Gamelle, e gefellte Bidon an deng gudd Laun.

Unmellen! ! Bis den 29 Januar 2011 bei dengem Meute Chef

Lenks Patt, är Cheffen



Ech Ennerzeechneten erlaaben mengem

Kand..... mat op den Sixplo den 3.04.2011 ze goen.

Datum

Ennerschreft

Explorercamp an d'Ardèche



Vum 10.04 bis den 15.04.2011 zu Vallon-Pont d'Arc

Um Programm stinn Canyoning, Spéléo, Kajak, Géocache, Stadtvisite & etc....

D'Actionaktivitéiten ginn vun offiziell unerkannten franséschen Moniteurs encadréiert!

Et dierfen och Rover matgoën, mee Explorer hun Prioritéit.

PRAISS: 300€

Acompte 1: 50€, non-remboursable,
sinn ze iwwerweisen bis den 4. Februar 2011 (définitiv Umeldung)

Acompte 2: 150 € bis den 1.03.2011 ze iwwerweisen

Acompte 3: 50 € (déi schon fir den EX-Brevêt bezuelt hun)

oder soss 100€, bis den 25.03.2011 ze iwwerweisen

Op den Konto vun der FNEL-Conseil technique CCPL Lu56 1111 2166 1009 0000 mat der
Mentioun "Explorercamp 2011 + Grupp + Numm & Virnumm vum participant)

Un d'FNEL soll bis den 4.02.2011 den 1. Acompte bezuelt an
d'Souche & d'Fiche médicale erangeschéckt sinn!

Départ: 10.04.2011 spéit owes um P&R Howald

Retour: 15.04.2011 Freidesowes um P&R Howald

Explorerbrevêt:

D'Cours'en fir den Explorerbrevêt sinn am Programm vum Camp mat dran intégréiert!


fnel 
scouts & guides



Fir weider Froën, nofroën beim
Eric oder Tameng



Beaver Ouschtercamp



Wëlls du mat eis op eng Zäitrees goën?
D'Ägypter, d'Reimer an d'Urmënschen besichen goën?
Dann mell dech schnell un, géff deng Souche bis den
2.Abrëll bei dengem Cheffen oof, an dann maachen mir
eis zesummen op eng flott Rees! ☺

Rendez-vous:

17.Abrëll 2011 um 15:00 Auer beim Lycée Technique de Bonnevoie

Retour:

19.Abrëll 2011 um 15:30 Auer zu Réiser (44, Grand-Rue L-3394 Roeser)

Material:

Schwammsaachen (Maillot, Duch)!!!; Schloofsaack, dem
Wieder ugepassten Kleeder, Gamelle/Besteck & Kichenduch, Pyjama,
Wäschaachen, Ersatzënnerwäsch, fest Schong, Täscheluucht & 2 Daagesbilljets

Präiss:

35€, sinn bis den 2.Abrëll op de Compte:

Les Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. – Beaver

(CCPL IBAN LU87 1111 2571 8942 0000) mat der Mentioun: Ouschtercamp 2011
+ Numm vum Kand ze iwwerweisen."

Beaverklack,
Nora, Maiti an Lena

Ech.....erlaaben heimadder

mengem Beaver..... mat op Zäitrees

vum (17.-19.Abrëll 2011) ze goën.



.....
Ennerschrëft vun den Elteren

Souche Ouchtercamp

Wellef



Wells du een flotte weekend mat vill Glamour & Glitter verbrenge? Berühmte Leid treffen? An eis dein Talent firstellen? Dann komm mat eis op Hollywood! Well mir sichen „Das Super Talent des Lions Bleus de Bonnevoie“, kuerz gesoot S.T.D.L.B.B! Also paak deng Guitar, dein mikro oda waats de soss alles brauchts fir eis dein Talent firzstellen an an vergiers d'gudd Laun net!

Weini: 18-20/04/2011
Rendez-Vous: 18/04/2011 um 10h30 op der Gare Centrale Lëtzebuerg
Retour: 20/04/2011 um 17h15 op der Gare Centrale Lëtzebuerg
Präis: 32 EURO, bis den 09.Abrëll 2011 op den Compte:
Les Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. - Meute
CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000
mat der Mentioun : Ouchtercamp+ Numm vum Kand ze iwwerweisen
Souche: Ass ebenfalls bis den 9. Abrëll bei déngem Chef oofzeginn.

d'Cheffenéquipe

Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech erlauben
mengem Wëllefchen.....
um Ouchtercamp 2011 vum 18.-20.Abrëll 2011
zu Bouneweg deelzehuelen.



.....
Ënnerschrëft vun den Elteren

Ouschtercamp 2011

Scouten Inter-Troupe



Leiwener Siedler



mir sin Wesen vun enger Welt, déi dir wéint ärer niddreger Intelligenz net gesin kënnt. Mir gin oft bei ierch op dem Planéit Äerd Götter genannt. Déi 5 Götter vun den Elementer hun sech elo zesummegedoen an en neit Land erschaaft. Mat Hëllef vun Äerd, Waasser, Feuer, Loft an Zait ass dëst onbesiedelt Paradies gin. Daat eenzegt waat eis hie nach feelt sidd dir. Io, mir brauchen nach Mënschen déi hei hirt Kinnegraich opbauen. An doweinst froen mir dech, léiwener Siedler op's du kanns opbriechen an dës nei an perfekt Welt wou et alles gëtt. Wëlls du matkommen?

Ma dann mell dech un vir dir deng Plaatz ze sëcheren!



Wéini? Den 18. Abrëll 2011 um 10 Auer beim Home Les Lions Bleus zu Bouneweeg.

Schluss? Den 20. Abrëll 2011 um 3 Auer um Senningerberg beim Tennisterrain um Parking.

Material?

Schloofsaack vir dobaussen, Carrymatt, Gamelle, Kichenduch, Bidon, Täscheluucht, Bierschon g, liicht Schong, Wäschaachen, dem Wieder ugepassten Kleeder an Ersatzkleeder, ... , **JUMBOSKAART** oder

E-GO KAART oder **3 ROUD TICKET'EN ...**

Souche?

Ass auszefellen an oofzegin bei dengen Cheffen bis den 2. Abrëll 2011.

Waat kascht et?

35 Euro sin bis den 11 Abrëll ze iwwerweisen op den Compte vum Manon Fischer (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000) mam Stëchwuert OC2011+Numm vum Kand+Scoutsgrupp. H

SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHESOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--SOUCHE--

Heimat erlaaben ech mengem Siedler um Ouschtercamp (18.-20. Abrëll 2011) deelzehuelen an iwwerweisen d'Suen virum Camp.

Dëst ass eng offiziell Umeldung!



Ennerschrëft:.....



Invitatioun

op den 20. Gala - Diner

Sonndeg, den 13. Mäerz 2011

am Home vun den Lions Bleus

Apéritif: 12:00 h - Déjeuner: 13:00 h



Menu

LE BISQUE DE
HOMARD "MARSEILLAIS"

LA SALADE DE BIÉ ET ÉPINARDS
À LA CHARCUTERIE D'EUROPE

LA SELLE DE VEAU À LA FAÇON
DE "L'ÉQUIPE DES LIONS"

LE GÂTEAU AU CHOCOLAT
"LEA LINSTER"
AVEC SON PARFUM DE BOURBON



**Léif Memberen, Elteren, Amicale, Scoutsfrënn, Sponsoren,
Amis des Lions Bleus, Frënn a Bekannten**

Vir d'20. Kéier hun mir d'Freed lech alleguerten an d'Home vun den Lions Bleus anzelueden. Schon erëm ass et un der Zäit dat d'Kichen, an den schéinen Zervisse aus dem Dornröschenschlof erwecht gin an d'Kichenéquipe réaniméiert gët vir lech e puer flott Stonnen am Home ze präparéieren.


Den Erléiss vun dësem Owend ass fir „Médecins sans Frontières»

Natierlech leeën mir erëm genug Geld op den Compte vun onsem Patenkand fir et op d'mannst én Joër laang ze Sponsoren.

Mir wëllen lech (wi all Joër) häerzlech invitéieren e flotten Sonndegmëttech bei a matt den Lions Bleus am dall ze verbrennen, lech no Stréch a Fuedem bekachen a verwinnen ze lossen a nierwenlaanscht eng gudd Saach ze ënnerstëtzen. D'Kichenéquipe, d'Spulléquipe, d'Zervisse-a n d'Botzéquipe stin an den Startlächer a sin motivéiert vir lasszeleën

Fir lech eng gudd gefüllten Tombola ze bidden, maachen d'Cheffen an den Comité schon d'Geschäftswelt vun Bouneweg an Ëmgéigend onsëcher, schreiwen Bréiwer an Mailer an rauen Mengen, biedelen, hëschen, fechten a schléfen d'Kadoen Äermweis erof an den Dall. Natierlech ass all Hëllef wëllkomm a mir freeën ons wann Dir ons mat engem klengen Kado oder enger Corbeille géift ënnerstëtzen.

D'Organisatiounsteam vum 20.ten Gala-Diner



Heimat mellen ech.....

.....Personen vir den 20. Gala-Diner, vum 13. Mäerz 2011 un.

Ech hun d'Somme vun.....x 50,00 €
op den Compte CCPL LU82 1111 0498 5493 0000
vun der Les Lions Bleus a.s.b.l. iwwerwisen
Mat der Mentioun « Numm + Participation Gala 2011 »

Opgepasst :
Den Virement géllt als Umeldung.
Schéckt d'Souche w.e.g. bis spéitestens den 1. Mäerz 2011 un:
Les Lions Bleus a.s.b.l. - B.P. 1026 L-1010 LETZEBUERG
oder per mail op: comite@lionsbleus.lu

Fir en gudden Oflaaf vum Gala 2011 ze garantéieren bidden mir lech alleguerten den Anstand ze hun vir dës Terminer anzehalen!

Médecins Sans Frontières est une association privée à vocation internationale. Elle rassemble majoritairement des médecins et des membres des corps de santé et est ouverte aux autres professions utiles à sa mission. Tous souscrivent sur l'honneur aux principes suivants:

INDÉPENDANCE

MSF est une organisation indépendante de tous pouvoirs politiques, religieux, militaires ou économiques : cette liberté de décision et d'action s'enracine dans l'indépendance financière de l'association. En 2002, 89% de nos ressources étaient d'origine privée essentiellement issues de la générosité des donateurs. Les autres financements proviennent d'organismes de financement de l'aide, notamment l'Union européenne (ECHO), de bailleurs de fonds gouvernementaux et d'organismes internationaux tels que le Haut Commissariat des Nations unies pour les réfugiés (UNHCR)

ENGAGEMENTS DES VOLONTAIRES MSF

Médecins, chirurgiens, infirmières, administrateurs et logisticiens sont des volontaires, indemnisés ou parfois salariés, qui s'engagent à respecter les principes fondamentaux énoncés dans la charte de MSF. Chaque année, environ 2 500 membres de l'association partent en mission à travers le monde (dont 1 000 avec la section française).

IMPARTIALITÉ

MSF apporte son aide à des populations en danger, sans discrimination ethnique, politique, religieuse ou économique. MSF intervient en toute indépendance, après évaluation des besoins médicaux des populations. Cela suppose de pouvoir évaluer librement ces besoins, d'accéder sans restriction à la population concernée et de contrôler directement les secours, en ciblant en priorité les personnes les plus gravement et les plus immédiatement en danger. MSF ne prend évidemment pas part aux conflits armés, adhérant dans ce sens au principe de neutralité qui n'est pas synonyme de silence.

LE MOUVEMENT INTERNATIONAL

MSF a été créée en 1971 et est aujourd'hui la plus grande organisation privée de secours médical d'urgence au monde. Basée sur le volontariat, l'association intervient dans le domaine de la santé, partout dans le monde où surviennent des guerres, des catastrophes, des désastres d'origine naturelle ou humaine. Cette idée de l'aide humanitaire et le travail accompli par les membres MSF expatriés et nationaux ont été récompensés par le Prix Nobel de la Paix 1999.

Le mouvement international regroupe 19 sections, chacune placée sous la responsabilité d'un Conseil d'administration élu par les membres lors d'une assemblée générale annuelle.

Un Bureau International basé depuis août 2004 à Genève, est chargé d'assurer les échanges entre les sections et la représentation internationale de MSF. Le Conseil International, composé des présidents de chaque section, veille à la cohérence du mouvement et de ses grandes orientations. Le mouvement international est donc composé d'associations juridiquement indépendantes, unies par le même nom et se référant à la même charte et aux mêmes principes de références.

Tous les volontaires de MSF agissent en accord avec l'éthique médicale ainsi que les principes humanitaires et souscrivent à la charte MSF.

LE SIÈGE A LUXEMBOURG

MSF-Luxembourg existe depuis 1986. Actuellement 17 personnes travaillent au siège qui est situé 68 rue de Gasperich à LUXEMBOURG

Notre siège héberge la coordination des activités de recherche opérationnelle pour les missions de l'OCB, et supporte les opérations sur le terrain au travers de la recherche de ressources humaines et financières. En plus des employés et bénévoles, notre association se compose d'un conseil d'administration, de membres adhérents et associés.



Médecins Sans Frontières asbl
68, rue de Gasperich L-1617 Luxembourg
Tél.: +352 33 25 15
<http://www.msf.lu>

Programm Beaver

Den Beaver - Programm



FEBRUAR

- 5. keng Versammlung (Formation Chefs)
- 12. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 19. keng Versammlung -->Vakanz
- 26. keng Versammlung -->Vakanz

MÄRZ

- 5. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 12. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 19. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 26. Beaverversammlung 14:00-16:00

ABRÉLL

- 2. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 9. Keng Versammlung -->Vakanz
- 16. Keng Versammlung -->Vakanz
- 17.-19. Beavercamp
- 23. Keng Versammlung -->Vakanz
- 30. Keng Versammlung

MEE

- 7. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 14. Beaverversammlung 14:00-16:00
- 21. Keng Versammlung
- 22. Beaver-Funday
- 28.-31. Paischtcamp
(Weini genee d'Beaver um Paischtcamp deelhuele gidd dier an der nächster Wandrous gewuer)



Beaverklack
Lena & Nora & Maiti

Programm Meute De Meute - Programm

Februar

5 *keng Versammlung*
 12-13 Fuesweekend
 19 *keng Versammlung*
 26 *keng Versammlung*



März

5 Versammlung 14:00 - 16:00
 12 Versammlung 14:00 - 16:00
 13 Gala
 19 Versammlung 14:00 - 16:00
 26 Sortie

Abrëll

2 ~3 Sixplo
 9 *keng Versammlung* Vakanz
 18-20 Ouschtercamp
 24 *keng Versammlung* Vakanz
 30 *keng Versammlung* (Rover-We fir d'Cheffen)

Mee

7 Versammlung 14:00 - 16:00
 14 Versammlung 14:00 - 16:00
 21 Versammlung 14:00 - 16:00
 28 - 31 Gruppen Päischtcamp

Deng Meutecheffen: Chouette / Tahr / Sophie / Prunelle / Claude / Charles

Programm Troupe

FEBRUAR

5. Truppenversammlung 14:00-17:00
RV um 14:50 & Retour beim Naturmusée am Gronn
12. Patrullenversammlung 14:00-16:00
18.-27. TECHUANA

MÄRZ

5. Patrullenversammlung 14:00-16:00
12. Truppenversammlung 14:00-16:00
13. GALA
19. Patrullenversammlung 14:00-16:00 (fir d'Leadership)
26. Truppenversammlung 14:00-16:00

ABRÉLL

2. Patrullenversammlung 14:00-16:00 (fir d'Leadership)
9.&16. keng Versammlung --> Vakanz
18.-20. INTERTRUPPEN-OUSCHTERCAMP
mat den Dippëcher Dachsen & Echternocher Quachlécken
22. keng Versammlung --> Vakanz
30. PATRULLENSORTIE fir Leadership & ROVER-WEEKEND

MAI

- 7.-8. EXPLO
14. Truppenversammlung 14:00-16:00
21. Patrullenversammlung 14:00-16:00
28.-31. GRUPPEN-PËNGSCHTCAMP
zesummen mat den Beaver/Wëllef/Explorer&Rover

JUNI

4. keng Versammlung --> Vakanz
11. TRUPPENSORTIE
18. RALLYE du Bénévolat an der Staat
23. FAACKELZUCH &
LBB Grillstand an der Staat.
25. Patrullenversammlung 14:00-16:00



Lex / Christophe / Mauro & Tamia

Programm Explorer



Februar

| | | |
|---------|---------------------|---------------|
| 5. | Explorerversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 12. | Explorerversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 18.-27. | Techuana | ? |

März

| | | |
|-----|---------------------|---------------|
| 5. | Explorerversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 12. | Preparation Gala | 08:00 - 17:00 |
| 13. | Gala | ? |
| 19. | Explorerversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 26. | Explorerversammlung | 14:00 - 16:00 |

April

| | | |
|---------|----------------------------|---------------|
| 2. | Explorerversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 10.-15. | Explorerbrevetcamp Ardeche | |
| 23 | Keng Versammlung | |
| 30. | Roverweekend | |

Mai

| | | |
|---------|---------------------|---------------|
| 1. | Roverweekend | |
| 7. | Explorerversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 14. | Explorerversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 21. | Explorerversammlung | 14:00 - 16:00 |
| 28.-31. | Päischtcamp | |



Rapport Kleeschchen 2010

Rapport vum Kleeschchen 2010

Den 3. Dezember 2011 hun mir eis um 6 Auer Pill am Home getraff. Jiddereen war schon wéi benzech vir sech endlech vum Kleeschchen d'Levitten gelies ze kréien. Wéi Jiddereen do war, gouf bekannt, dass déi béis Gremlins, déi d'Joer virdrun schon dem Kleeschchen en Jux gespillt hun, erem eng gesticht hun. MEE!! D'Kanner waren awer do an wollten natirlech net dass de Kleeschchen ouni sain grousst Buch virun d'Kanner trieden soll! Also sin d'Kanner alleguerten mat an de Bësch gaangen vir dem Kleeschchen sain grousst Buch erem ze fannen. Jidderen kruut nach en Schocklaskleeschchen vir sech virun de Gremlins ze schützen. Nodeems d'Buch am Geheimversteck fonnt gin ass, sin mir dun erem alleguerten zreck an d'Home gaangen. Wéi mir rem ukomm sin, alles roueg war an gesongen gouf ass en dun komm! DE KLEESCHEN! Hien huet ganz gut an gesond ausgesin wéi emmer opwuel en mëtten am Stress war wéinst all den Geschenke déi en ausdeelen muss. Ugefaangen mat den Beaver, huet all branche saint presentieert an waat se virbereed haat. An natirlech goufen et dun och nach Geschenker!! D'Beaver hun en Lidd gesongen an kruuten Schocklaseër. D' Wëllefcher hun "Mir gin op eng Léiwejuegd" gesongen awer an der gepimpter Kleesercherversioun an se kruuten en deck gailen Gamellesaack. D'Scouten hun e Kuch gebaak an eng Pinwand gebastelt déi wéi en Kleeschchen ausgesait an se kruuten eng éischt Hëllefstrousse vir op den Traget. D'Explorer hun en Kleesercherslidd gesongen an kruuten en Mikrofaserduch. Nodeems Jiddereen seng Levitten gelies kruut, ass de Kleeschchen schon gaangen well sain Terminkallenner war zimlech dicht gefëllt deen Owend. Duerno gouf et traditionnell Schocki an riiiisen Kuchemännchen. Dun war Jiddereen saat mir sin dun all heemgefuer well Jidereen midd war an de Schong setze misst! Jiddereen huet sech gut ameseiert an ass saat an d'Bett geklommen!

Gut Nuecht!



Lex Schmitt
Foto: Fennec



Rapport Chrëschtcamp Meute

Chrëschtcamp 18-20.12.2010

1. Tag:

Am Nachmittag trafen sich die Lions Bleus Meute am Luxemburger Bahnhof. Mit den beiden Cheffen Prunelle und Sophie fuhren wir nach Colmar-Berg. Als wir dort waren klemmte die Tür und der Zug fuhr weiter, und wir mussten mit dem nächsten Zug zurückfahren. Als wir in Colmar ankamen mussten wir 9 oder 10 Schlüssel suchen. Als wir im Home waren warteten Tahr, Charles und Chouette auf uns. Nach dem Auspacken haben wir ein Quiz gemacht. Danach gab es Abendessen. Dann ging es ins Bett. Um 10 Uhr wurden wir geweckt. Franziska Albert von Siegmund (Sophie) hatte Geburtstag. Es gab Cocktails und Chips, wir haben 3 echt tolle Spiele gespielt.

2. Dag:

Moies hu mir en Zaubertrank gemat, well d'Geeschter keng Kraaft méi haten.

Nomëttes ware mir an de Schnéi spillen, mir hun e Schnéimann gebaut an eng Schnéiballschluecht gemat.

Owes si mir an de Bësch gaangen, an hun en Nuetsspill gespielt.

Den 3. Dag:

Den 3. Dag vum Spooky Camp hun d`Geeschter hieren Examen gemach. Wou mir moies durch d`Duerf getrëppelt sinn, huet een nom aneren eng Aufgab misse machen. Den Pitschi-Patschi (Claude) huet z.B. missen duerch gespaanten Fissellen duerchgoen ouni dass eng gewackelt huet. Während der Zäit huet de Buh-Hu (Prunelle) eng Geschterbunn obgebaut. Wou mir erem komm sinn, war d'Geeschterbunn färdeg. All Wëllefchen ass an en däischeren Raum geféiert ginn, an do hun mer missen an eckeleg Sachen trëppelen. Duerno hun mer Bréidercher giess. An dun hun e puer Wëllefcher gehollef d`Home ze botzen. Dunn sinn mer op d`Gare gelaf an mir hun den Zuch och nach kritt - sou just!

Charel Winandy, Jim Riewer, Amélie Fisch



Rapport Chrëschtcamp

Daach 1

Wei mier all op der Gare versammelt waren, gung et schon bei d, Busser. Mam Bus sin mar dunn op Larochette gefuer. Mir hunn een Ziedel missen sichen, deen mier dann kuerzerhand fonnt hunn. Dorop stung mir sollten op den Wäschenter Haff goen, an eng Zuel. Keen wosst wou den Wäschenter Haff soll sin, also hunn mier Zuel op der Kaart gesicht; an ons dann op den Wee gemach.

No dem mier aus Larochette raus waren koumen mier op eng laang Stross, wei mer no c.a. 3 Stonnen reicht 3 Veierel vum „Wee“ gaangen waren hunn mier onseren Chef ugeruff, mir hunn onseren Standpunkt gesot, an hien huet verwonnert gefrot, wei mer dann dohinner geiffen kommen: mir waren dei ganzen Zait an dei Falsch Richtung gaang. 1 Stonn hunn mer an engem klengen Bushaischen gewart, dass onserer Chef mat den Breidercher geif kommen.

Nom iessen em ongefeier 2 Auer hunn mer ons rem op den Wee gemach, op Befort. Mir kruten awer all no an no ons Rucksäck gefouert, een stonnelaangen zweeten Trajet war no vill getreppels (an deelweis gejeimers) an em 7 Auer faerdeg kuerz no ons koumen och d, Explorer un. mir hunn ons Better am Dortoir gesicht an sinn iessen gaang. Als Nuetsspill hunn mer just nach Stadt, Land, Fluss gespillt.

Drago Dragovic

Daach 2

Als wir morgens mit lauter Musik geweckt worden sind, machten wir uns fertig und gingen runter zum Frühstück. Es gab Brot mit Sachen drauf. Nach dem wir gegessen haben, haben wir uns Brillen gebastelt ganz nach dem Thema Hippie. Es gab Peace- Blumen- und Farbige Brillen. Dann wurden wir in Gruppen aufgeteilt. Jede Gruppe musste sich eine Geschichte überlegen und bekam jeweils eine Kamera mit der wir einen Hippiefilm drehen mussten. Die eine Gruppe hat einen Film über drei Politiker gedreht die über die Umwelt redeten und einem Umweltverschmutzer begegneten und sich dann durch einen Fee in Hippieleute verwandelten... Die andere Gruppe drehte einen Film über einen Aussenseiter der ausgeschlossen wurde weil er Schnee mochte, während die anderen lieber drinnen blieben... Danach gingen wir zur Eispiste aber die war leider geschlossen wegen zu viel Schnee auf dem Eis. Also gingen wir wieder zurück und machten eine grosse Schneeballschlacht gegen die Cheffen. Danach gab es Essen, Poulet Curry mit Spätzle. Später am Abend, nachdem wir gespült und geputzt hatten, haben wir dann ein Spiel gespielt indem es um Drogen handelte. Die Drogendealer mussten ihren Kunden Drogen bringen und Geld bekommen ohne von der anderen Gruppe oder der Polizei geschnappt zu werden. Nach dem Spiel haben wir uns dann die Filme angesehen. Der eine war schon fertig geschnitten und mir Musik aber der andere nicht und sind schliesslich zu Bett gegangen und schliefen sehr schnell ein denn es war ein anstrengender und toller Tag.

Mika Lorang



Rapport Chrëschtcamp

Daach 3

Moiens sin mie net sou frei erwäscht gin wei den Dag fierdrunn. Awer och erem mat haarder Musek. Et wor geint 9 Auer wou mie eng hallef Stonn kruuten fie eise Rucksack ze paaken an e raus ze brengen vir dass mir den dortoir konnten botzen. Mie sinn angedeelt gin fie den Home ze botzen et war awer net sou vill ze maachen. Mei speit, sin den Adrien, den Sam an ech mam Tameng, Lex an Eric am Bech eng Plaatz siche gang fie Mettes ze grillen an hun pue Spiesser vierbereed (opwuel keen vun eis e Messer do bai haat) an vill Holz gesicht, während dei aaner nach weider den Home gebotzt hunn. Mettes hun mie eis all op dei Plaatz getraff, d'Feier haate mie schon u gemaat. Et huet awer laang gedauert well d'Holz war gefruer an naass. Dun hu mie gegrillt. Nom lessen sin mie zreck am Home gang an sin mad eisen Rucksäck bis beim Bushaisschen getrepelt vun do aus mir den Bus Richtung Staat geholl hun. Op der Gare ass dunn jidereen Heem gang. Et war e flotten Camp an mir hun eis gudd amüseiert.

Samuel Lemoine



Rapport Chrëschtcamp Beaver

Den 18. Dezember ass et lass gangen, um 14:20 war rendez-vous op der Gare zu Dummeldeng. Et louch deeeecken Schnei an et war eiskaal! Wou dun all Mensch do war, sin mer bei Home vun Beggen getreppelt. No enger Stonn treppelen ongefeier sin mer all erfruer am Home ukomm. Nodeem Kanner hier Saachen an den Dortoir geluecht hun an sech installeiert hun goufen Kichelcher gebaak. Stären, Krechtbeemecher an nach vill aner Formen Kichelcher sin dobei rauskomm. Während gekacht gouf huet een Chef puer kleng Spiller mat den Kanner gemaach. (Detektivspill waar den Renner um Camp).

Owes goufen et dun lecker Hamburger ze iessen an dono gouf alles gespullt an gebotzt.

Owes hun mer nach En Quiz gemaach am Thema Weltrees. Et goufen puer kategorien an deenen d'Kanner an 3 Gruppen Froen beäntferen missten. Geint 9 auer war et dun aver schon Zeit sech ferdeg ze maachen fir an Bett. Mir hun den Kanner nach eng Geschicht erzielt an dun war et och schon ganz roueg an den Better. Moies geint halwer 8 sin mer opgestaanen an hun Kanner erwecht. Sie hun sech ugedoen an sech gewäsch an dun gouf et Kaiserschmarren ze iessen :) Miaaam.

Weinst dem Wieder (Schneeeeeeeei) konnten mir eisen Programm leider net sou maachen wei mer et virgesin haaten. Dofir hun mer bessen emgeplangt an hun als eicht moies mol Mandalaen gemoolt an dono kleng Spiller dobannen gemaach. Als Mettegiessen goufen et dunn Campingsnudelen. Nom iessen gouf rem gespullt blablaaa wei no all I essen :). Mettes hun mer eis all schneifest an waarm ugedoen an sin raus an den Schnei spillen gaangen! Schneimännerchen bauen, Staffellaaf an nach aner Spiller :) . Kanner kruuten dun bei all Spill en Deel vun enger Schatzkaart wou se dann dono en Paak Kichelcher fonnt hun.

Wou jidrengem kaal genuch waar an Kanner d'Kichelcher fonnt hun, sin mer dun rem an dat waarmt Home gangen fir eis opzewiermen. Wou jidreen rem dreschen an waarm war, hun mer puer kleng Spiller gemaach bis et rem Zeit waar ze iessen. Et gouf eng gudd waarm Tomatenzopp. Nom iessen, spullen an sou weider hun mer nach en klengt Spill gemaach bei deem Kanner eng Geschicht erzielt kruten an bei verschidenen Wieder verschiden Bewegungen maachen missten.

Dun war et och schon rem Zeit fir sech ferdeg ze maachen fir an Bett. Moies um 8 sin mer dun rem opgestaanen hun eis gewäsch an zu Moien giess. Nom iessen an spullen hun mer eis Kichelcher vum eichten Daach dekoreiert, mat Zuckerguss, Faarweg Grimmelen an nach vill aner schein faarweg Saachen :). Mir hun dono dun nach en puer kleng Spiller gemaach well et einfach ze kaal an ze naas an zevill Schnei dobaussen war fir raus ze goen an eisen normalen Programm anzehaalen...Mettes gouf et dun Poulet curry ze iessen an während deem dei eng dono gespullt hun, hun dei aner Kanner gehollef d'Home ze botzen an hun hieren Rucksack agepaakt. Dun war et och schon seier Zeit dass Eltren se sichen komm sin. Mat en bessen Schneichaos waren dun aver iergentwann all Eltren do, an all Kanner fort :). Et goufen zwar puer Saachen vergiess mat deem ganzen Chaos mee soss war dun alles an der Rei.

Lena

Rapport Hippie Explorer

Den 18.12.10 sollt et um 9.00 Auer ob da gare mam Hippie Chrechtcamp an Hippie Outfit natrilech ungoen. Mee mam villen Schnei war et net ganz einfach ob d'gare zekommen...Wie mir all ob der gare ukoum sinn hunn scouten an mir d' Explorer mam Christophe de Bus 111 geholl d'scouter sinn 2 Stationen no Junglinster eraus geklommen an mir sinn weider bis ob Echternach gefuhr mee de bus ass all nirwen Stroßen gefuhr an die Strassen waren net gestreet mir sinn am ganz 5x gerutscht awer net schlemm ^^ . Wie mir dunn endlesch ob da Echternacher Gare ukoum sinn hunn mir missen no engem Message sichen deen net ganz einfach verstoppt war!!! Jioo ech war dunn och schon no denen 10 minuten an der keelt „außer Gefecht“, gesaat an dunn ass den Tameng mech sichen komm an dunn konnt ech den Trager leider net matt goen.

Ps: dofir heut den Ludo den Deel iwerholl:

Dunn sinn mer weidergetreppelt, bis oop de nechsten message an dunn bis bei d mettegplaaaz, dei an engem klengen duerf wor, mad drei heiser anmie woren reict um 14:30 doo. du wees io nach den video :) dunn hunn mie giess, an den

Rapport Hippie Explorer

Rapport Hippie lum 18-20/12/2010



nechstenn meesage hunn se a breeze senger tech vastoppt. do war en tounband dran. mie sin by leit schellen gaangen fie fen ze liesen, an mie sinn schlisslech by engem altersheim ons kassette lauchtere gaangen. mie missden by engem punkt bei der deitscher granz goen, an dunn hunn mer ons ebesser verluer an woren um 19 uer an den bech mad mega vill schnei an traapen, an dunn sin mer einfach pampa gangen an richtig rauskomm. herno kruute mer eng peilung, mee mie haaten keebok mei an hunn ungeruff sie sollten eis soen weuhinn d hme ass. dunn sinn mer d haaptstrooss 4 km laanggaangen, an endlech by d home um 20 uer unkom. (Ludo)

Dunn sinn ech matt den Cheffen akaafen gangen fir den Camp an dunn waren ma am Home zu Beford et war ziemlech kleng (virdel do hunn mir net sou lang gebraucht fir zebotzen). Mee d' Home war net ganz propper...an et wor eng Heizung futti am Großensall !

Wie d' Exploer ob da mettesplatz ukommen sinn den Tameng ,ech an den Eric (deen andauernt matt sengen Kassettenrecorder zekoschtern war an den Tameng matt sengem Satz ; „DI RE BONJOUR AU MI CRO` ` zenerven) ob Platz gefuhr an do mettes gies. An dunn hunn ma och nach do dem Message gesicht an deen Message war eng Kassette aller net sou eng wie dem Eric sein Aparat...leider.

Wie mir dunn owes ness all um 20.00 uer zesummen waren daat hescht d' Exploer koumme graad un dunn guffen et Kniedelen zessen. No dem iessen goufen wie emma d' Chargen gemaart. Dunn konnten die Leit die midd waren direkt schlofen goen an dia anner nach am Sall bleiwen. Allerdengs heut een die am Sall waren wonnerbar heieren well den Bodem net isoleiert ass...!

Nexten dach goufe mir matt engem coolen Lied um 08.30 aus de Schloofsäck geheit ^^!

Nodem Kaffi an Chargen sinn mir d' Exploer an d' Scouten an zwou Gruppen agedeelt an mir hunn Hippie-Breller gebasstelt et war eng witzeg Geschicht! An engems hunn mir och na missen eng Idee fannen fir een Hippie-Film zedreihen. No da Gemeiszopp an den Pangescher hunn die zwou gruppen d' Filmer gedreht daat wor ziemlesch funny. No den Filmer waren ma um Wee fir ob Befordter-eispist mee di war leider zou...Awer et wor jio sou vill Schnei gefall an dunn war ebemol den mega Schnei-schlachten-caos mir hunn eis sou lang an dem Schnei; geheit, getollt, gefall, gewenselt, matt Schnei geschoss an matt Schnei an geseeft bis all Mensch nass war an dunn sinn mir zereck an d'Home gangen. Daat war die coolsten Schneischlacht die ech bis elo matt gemaa hunn. ^.^ Wie dunn all Mensch dunn ness drechen war gouf et „Geschnetzeltes mat Spätzeln''. No den Chargen hunn maa Neutzpill am Home gespielt ,'' Dogenspill'' passt jio guud bei d' Hippies. No dem Neutzspill hunn mir nach eis 2 Filmer gekuckt eisen Film hatt e pur problemer...mee ,'' Petunia an Lumanda asou ,'' waren funny.



Nexten Dach no dem Kaffi hunn ma home gebotzt an e pur Spiller gespilt an dann hunn ma zou Mettech am Besch voller Schnei gegrillt an dunn hunn mir de Bus geholl an um 16.00 waren ness ob da Gare.

Voilà daat war „den ultimativen Hippichrechtcamp 2010''!!!

Vanda



Dem LIB séng Säit Dem LIB séng Säit


Dir kënt dem LIB hëllefén an deems der folgend Aufgaben léist...

O K Y F H F W X E X W V P R U
 R L T J O U Z D G C A G I L Y
 I I B U E Z T A K T O R R P Y
 Q W T V V N Q I F P B K A G W
 W Z W T M W L H R Y T P T X K
 U F Q G E C D I X U Q Y S G O
 D M V M R R N G R S W F N N M
 R E T Q D Z N B C R Z N E J I
 B E N T E I N X N L I W P G W
 E M N S R E R E B U A Z S I G
 Y X S A H C O W B O Y I E W K
 Q I E C I X N O C D B L G Ö H
 N F A H O D P N Y X H R N I C
 N R I C Q H N L V L V I A R O
 D K Y Y B T K I K R G M T X K

Sicht déi verstoppten Wieder?
 COWBOY DRACHEN GESPENST HEXE
 INDIANER KATZE KOCH KÖNIG PIRAT
 PRINZESSIN RITTER ZAUBERER

The crossword puzzle grid consists of white squares for letters and empty spaces. The numbered starting points are:

- 1: Horizontal, 4 squares
- 2: Vertical, 4 squares
- 3: Horizontal, 4 squares
- 4: Horizontal, 6 squares
- 5: Vertical, 6 squares
- 6: Vertical, 5 squares
- 7: Horizontal, 4 squares
- 8: Horizontal, 10 squares
- 9: Horizontal, 5 squares
- 10: Horizontal, 4 squares



Waagerecht

- 1. Sie hat ein schwarzes Fell
- 3. Sie hat eine lange Nase und einen Besen in der Hand
- 4. Er hat eine siberne Rüstung
- 8. Sie hat einen laangen Rock und eine Krone auf dem Kopf
- 9. Er hat eine Augenklappe und einen Säbel
- 10. Er trägtteine Krone auf seinem Kopf

Senkrecht

- 2. Er hat einen Zauberstaab
- 5. Er hat einen Federschmuck
- 6. Er hat eine rote Nase und ein wäissgeschminktes Gesicht
- 7. Es trägtt ein weisses Leinentuch
- 10. Er trägt eine weisse Schürze und hat eine Kochlöffel



Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News



LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op vun 15h45 - 16h15 den:

12/02/2011 - 12/03/2011 - 26/03/2011 - 2/04/2011 - 14/05/2011 - 21/05/2011 - 18/06/2011

WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP

Adresse:

43, rue de Hollerich
L-1741 Luxembourg
Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:30 - 19:30

- 10/02/2011 - 07/04/2011
- 10/03/2011 - 05/05/2011
- 24/03/2011 - 19/05/2011

ALLGEMENG Datumer:

| | | | |
|---------------|------------------------|---------------|--|
| 04-06/02/2011 | Tronc commun 2 | 09-12/04/2011 | Leadership-Camp |
| 12-13/02/2011 | Beaverformatioun | 10-15/04/2011 | Explorercamp an der Ardèche & Explorerbrevêt |
| 12-13/02/2011 | Explorer-Rover Raid | 22-24/04/2011 | Scoutsakademie |
| 17/02/2011 | Réunion semestrielle | 07-08/05/2011 | EXPLO |
| 02-03/04/2011 | Bosses & Bobos 1 | 07-08/05/2011 | Bosses & Bobos 2 |
| 02-03/04/2011 | SIXPLO | 22/05/2011 | BEAVERFUNDAY |
| 04/04/2011 | Soirée Chef de groupes | | |

JAMBOREE 2011:

- Denkt drun Ierch unzemelden fir den Pëngschtweekend!
- Déi Gruppen (oder eenzel Léit) déi drun interesséiert sinn englesch Scouten nom Jamboree fir e puer Deeg bei sëch (am Beschten ronderem oder an der Stad) opzehuelen sollen sëch séier beim WIRION Raoul (621 25 77 03) oder international@fnel.lu mellen!

RALLYE 'Scout fir een Dag':


Mierkt Ierch elo schons den Datum vum 18. Juni 2011 an ärem Kalenner, fir en flotten Rallye duerch Stad mat ären Frënn a Familljen.

EXPLORER-ROVER Raid

EXPLORER-ROVER Raid 2011



“Orientatioun & Techniken”



ass d'Thema vum dësjäähregen Raid,
dien den 12.-13.02.2011 ass!

Den Raid wärt sèch dëst Joër am Zentrum vun eisem schéinen Länd'chen stattfannen.

Infos zum Raid:

- PRÄISS: 10€
- Ekippen entweder aus Rover oder Explorer
- D'Eckdaten ginn mer eréischt no der Umeldung gewuer
- Départ wärt no 17 Auer sinn



Wanns du drun interesséiert bass matzagoën als Explorer oder Rover, dann meld dech ganz schnell un beim dem Tameng.

Wann mer eng Ekippen vun min.5 Léit zesammen kréien melden mer eis un,
an huelen dann Deel um Explorer-Rover Raid 2011.

(: (: (Avis aux amateurs :) :))

Dem LIB séng Opléisungen:

WAAGERECHT

1. Sie hat ein schwarzes Fell? --> KATZE
3. Sie hat eine lange Nase und einen Besen in der Hand? --> HEXE
4. Er hat eine silberne Rüstung? --> RITTER
8. Sie trägt ein langes Kleid und eine Krone auf dem Kopf?
--> PRINZESSIN
9. Er hat eine Augedklappe und einen Säbel? --> PIRAT
10. Er trägt eine Krone auf dem Kopf? --> KÖNIG

SENKRECHT

2. Er hat einen Zauberstab? --> ZAUBERER
5. Er trägt einen Federschmuck? --> INDIANER
6. Er hat eine rote Nase und ein weissgeschminktes Gesicht?
--> CLOWN
7. Es trägt ein weisses Leinentuch? --> GESPENST
10. Er trägt eine weisse Schürze und hat einen Kochlöffel? --> KOCH



et schengt

et schengt

- 01) wei wann verschidden Zich presseiert wieren,
- 02) wei wann verschidden Léit méi Problemer mam Schnei hätten wei aanerer
- 03) wei wann zu Colmar eng nei Geeschterbunn opgemaach gin as
- 04) wei wann deen wahrscheinlech bellesten Film vun der Welt vergruewen keint gin
- 05) wei wann Diddeleng an lechternach sech zimlech gleichen géifen
- 06) wei wann Guitar och hieren wee an Lions Bleus fonnt hätt
- 07) wei wann d'Rover hieren traditionelle Glühwéin um Roverweekend vermësst hun
- 08) wei wann 2 Explorercheffen an 1 Wëllefcherschef erem gelegenhet hätten un engem Mammut Testevent delzehuelen
- 09) wei wann eng grouss Schneiballschlacht um Chrëschtcamp stadtfond hätt
- 10) wéi wann d'Wëllef vun de Lions Bleus op hirem Chrëschtcamp d'Geeschter vum Grand Duc séngem Schlass op Besuch gehat hätten
- 11) wei wann eis Meute hiren déif ageschneitene Camp richtég genoss hätt
- 12) wei wann d'Wëllef hier Aggressiounen am Schnei missten rausloossen
- 13) wei wann Dieren vun den Zich manchmol Problemer hun fier opzegen
- 14) wei wann de Pajero an de Grupp fun de Sléider béigetrueden as
- 15) wei wann Beaverchefen net vill ze schlofen kruten um Camp
- 16) wei wann Beaver en neit Perd fonnt hätten
- 17) wei wann en nei gebuereenen Autochauffer direkt mat Extremsituatiounen wei Schnei an Ais konfronteiert gin wier
- 18) wei wann de Strauss sain Ee gleich leën geif
- 19) wei wann Fläschen bei verschiddenen Leit mei seier futti fueren
- 20) wei wann d'Zich keng Zeit wellen verleieren
- 21) wei wann de Big Brother SMS iwert Luxgsm un éis blond Wëllefcherscheffen géif schécken

et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

- 01) wei wann d'Wëllefcher dei Saach geingen mat Humor huelen
- 02) wei wann aaner Leit gleich um Enn waren mat hierer Gedold
- 03) wei wann d'Lions Bleus dei eicht gewiescht wieren dei se getest hunn
- 04) wei wann deen bestëmmten Film och nach "Begruewen" heescht
- 05) wei wann bestëmmten Scouten gemengt hun si geifen sech am heichen Norden befannen obwuel den Trajet an den Terres Rouges war
- 06) wei wann "jam - session" en Haapbestanddeel vun engem Camp gin wier
- 07) wei wann onse Prési an der spuernscher Mëtsch mat lauter Gebréis an Egnog vollgeschott gin as
- 08) wei wann si nach ënnerstetzung vum Grupp breichten fier dat hier Chancen besser stinn
- 09) wei wann e puer Cheffen gud vun den Scouten an Explorer ageseft gin wäeren
- 10) wei wann dat si awer guer nët ofgeschreckt hätt awéiwann si fräi no hirer Devise deene Geeschter souguer gehollef hätten besser Geeschter ze gin
- 11) wei wann aaner Scoutsgruppen dee ville Schnéi gefaart hätten well se dowéinst hire Chrëschtcamp ofgesoot hätten
- 12) wei wann se d'Cheffen garr am Schnéi leien gesin
- 13) wei wann d'Zich gearen hier Passageier eng extra Ronn fueren loossen
- 14) das d'Léitplank mat engem schrëcken dofunkomm as an das de Pajero an eng Cour op Mondorf geschéckt gin as
- 15) wei wann Beaver den Wee bis an den Schloofsaak an bis op Toilette nach net ganz beherrscht hun
- 16) wei wann Pony zéitwéis 6 klëng Beaver op sèch hänken haat
- 17) dass desen sain Mamomobil huet missen vun engem zweete Chaufer an anerer extern hellef mist erausgezun kreien
- 18) dass dest engem decke Bier seng Schold wier! Gleckwonsch awer an bonn réussite
- 19) wei wann d'Schaumbloosen op engem Torschong Schieblen wieren
- 20) wei wann se nom stoen bleiwen direkt weider fueren an een keng zeit huet fir erauszeklammern
- 21) wei wann éis Lëckschwäin iwerflächleg Reklamm fun Luxgsm géife liesen an dono sèch Froe géif stellen

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - M. Thibo Charles - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - Maki & Manul - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - Mme Federmeier Berthé - M. Grün Joe - M. Schintgen Claude - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Rohmer Kevin - Famille Reiners

D' Wandrous no 331 as zesummengesaatgin a fortgeschéckt gin: Tahr, Tamia, Lex, Christophe an Eric

Un der WANDROUS N°332 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wëllef - Scouten a Explorer / Lex Schmitt / Charel Wianandy / Jim Riewer / Amélie Fisch / Drago Dragovic / Mike Lorang / Samuel Lemoine / Lena Schmitt / Vanda Jenin / Kodiak / Tamia a Fennec

Programm Wandrouis

De Wandrouis Programm

| februar'11 | |
|------------|----|
| De | 1 |
| Me | 2 |
| Do | 3 |
| Fr | 4 |
| Sa | 5 |
| So | 6 |
| Me | 7 |
| De | 8 |
| Mè | 9 |
| Do | 10 |
| Fr | 11 |
| Sa | 12 |
| So | 13 |
| Me | 14 |
| Dè | 15 |
| Mè | 16 |
| Do | 17 |
| Fr | 18 |
| Sa | 19 |
| So | 20 |
| Me | 21 |
| Dè | 22 |
| Mè | 23 |
| Do | 24 |
| Fr | 25 |
| Sa | 26 |
| So | 27 |
| Me | 28 |
| | |
| | |
| | |

| märz'11 | |
|---------|----|
| De | 1 |
| Me | 2 |
| Do | 3 |
| Fr | 4 |
| Sa | 5 |
| So | 6 |
| Me | 7 |
| De | 8 |
| Mè | 9 |
| Do | 10 |
| Fr | 11 |
| Sa | 12 |
| So | 13 |
| Me | 14 |
| De | 15 |
| Mè | 16 |
| Do | 17 |
| Fr | 18 |
| Sa | 19 |
| So | 20 |
| Me | 21 |
| Dè | 22 |
| Mè | 23 |
| Do | 24 |
| Fr | 25 |
| Sa | 26 |
| So | 27 |
| Me | 28 |
| Dè | 29 |
| Mè | 30 |
| Do | 31 |

| abrèll'11 | |
|-----------|----|
| Fr | 1 |
| Sa | 2 |
| So | 3 |
| Me | 4 |
| Dè | 5 |
| Mè | 6 |
| Do | 7 |
| Fr | 8 |
| Sa | 9 |
| So | 10 |
| Me | 11 |
| Dè | 12 |
| Mè | 13 |
| Do | 14 |
| Fr | 15 |
| Sa | 16 |
| So | 17 |
| Me | 18 |
| Dè | 19 |
| Mè | 20 |
| Do | 21 |
| Fr | 22 |
| Sa | 23 |
| So | 24 |
| Me | 25 |
| Dè | 26 |
| Me | 27 |
| Do | 28 |
| Fr | 29 |
| Sa | 30 |

Allerläscht Wandrouns - Sait

www.lionsbleus.lu



fnef
scouts & guides

